N° 7148
Entrée le 09.11.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 09.11.2022

**Groupe parlementaire**

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg den 9. November 2022

Här President,

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Schoulminister weiderzeleeden.

Den 31. Oktober war am Quotidien ze liesen, datt Léierbouwen hiert Schoulmaterial zu engem gudden Deel ëmmer nach aus eegener Täsch musse bezuelen, obwuel d'Käschte fir Schoulbicher säit Jore vum Staat iwwerholl ginn. Als Beispill gëtt am Artikel notamment déi entspriechend Aarbechtskleedung genannt, déi jo dacks och e Sécherheetsaspekt mat sech bréngt.

An deem Zesummenhang géif ech dem Här Schoulminister gär dës Fro stellen:

1) Kann den Här Minister elaboréieren, wéi eng Materialien d'Léierbouwen all Joers mussen akafen, fir un hire Coursen a Stagen deelzehuelen, wéi vill Käschten heimat duerchschnëttlech pro Schouljoer verbonne sinn a wéi déi Decisioun motivéiert ass, dës Käschten net duerch d'ëffentlech Hand ze droen, respektiv op mannst e fixe Montant ze rembourséieren?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 7148 vum honorabelen Deputéierte Fred Keup**

Verschidde Léiermeedercher a Léierbouwe musse jee no Formatioun Materialie kafen, déi se dono och am Beruff weider benotzen. D'Käschten heifir si vu Formatioun zu Formatioun ënnerschiddlech. D'Material, dat gebraucht gëtt, gëtt vun de Lycéeë festgeluecht an de Präis hänkt vun der Qualitéit an der Mark of, déi kaf gëtt. Datt dës Käschten net vun der ëffentlecher Hand gedroe ginn, ass op enger Linn mat deem, wéi et och am Enseignement secondaire gehandhaabt gëtt (hei kréien d'Schüler vun z. B. der Section artistique hiert Material och net gestallt).

Dogéint gëllt awer och an der Beruffsausbildung d'Gratuitéit vun de Schoulbicher. Sou goufe vill Scripter, déi soss hu misse fotokopéiert ginn, elo iwwer de SCRIPT editéiert an de Léiermeedercher a Léierbouwe gratis zur Verfügung gestallt.

Lëtzebuerg, de 6. Dezember 2022

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH